

## SCHUTZAKER

De Programm Schutzaker kann ab mind. 20 Ar Parzellegréisst fir 5 Joer ofgeschloss ginn.

Follgend Bewirtschaftungsweise bidde besser Conditioune fir déi kleng, rar Akerwëllkraider:

- d'Saatgutdicht ëm 25 % reduzéieren
- de Verzicht op Pestiziden, mechanesch Onkrautbekämpfung just bei Iwwerhandhuele vu Problemaarten (wéi Ampfer, Quecken)
- eng organesch Düngung vu max. 130 kg/ha/Joer
- e Wiessel am Ubau vun de Kulture wärend mind. 3 Joer an en Ubau vu Feldfudder vu max. 2 Joer
- Stoeloossen vum Stoppelfeld no der Recolte a bis zum nächsten Uséinen, ausser zur Bekämpfung vu Problemaarten
- wa keng vun de klenge seelenen Akerwëllkraider virkommen, gëtt Som aus heemescher Originn ausgeséint.

Primm: 900 bis 1.350 €/ha jee no Variant

Eng wëll Bei op der Karblumm





Wann Dir dorunner interesséiert sidd vir un engem Biodiversitéits-Programm um Aker deelzehuelen oder lech einfach weider Informatioune wënscht, mellt lech gäre beim **SICONA**:


**Fanny Schaul**

fanny.schaul@sicona.lu
26 30 36-37

**Linda Saur**

linda.saur@sicona.lu
26 30 36-74

**Neal Pierlot**

neal.pierlot@sicona.lu
26 30 36-92


SICONA
Naturschutzsyndikat



Impressum:
Text: V. Laschet,
S. Schneider & M. Oly
Fotos: SICONA & S. Schneider
Layout: K. Scholtes

© 2026



# AKER WËLL KRAIDER

## NET SOU SCHLËMM WÉI HIRE RUFF!



# AKERWËLLKRAIDER

## WAT SINN AKERWËLLKRAIDER EIGENTLECH?

Bei den Akerwëllkraider handelt et sech ëm (meeschtens eejäreg) Planzen, déi un den Akerbau, also déi reegelméisseg Buedem beaarbechtung, d'Entwécklung a Recolte vun der Kultur, ugepasst sinn an dës Bewirtschaftung souguer brauche fir sech ze etabléieren.

Se hunn en éischter schlechte Ruff, well dës „Onkraider“ (meeschtens) ongewollt an ouni Awierke vum Mënsch tëschent de Kulturplanzen optauche kënnen. Wat vill Leit awer net wëssen: Déi meescht Akerwëll-kraider si kleng, extrem konkurrenzschwaach a beaflossen den Ertrag vun den Notzplanze kaum. Am Géigendeel kënne se souguer positiv Auswierkungen op den Aker hunn.

## DE RÉCKGANG VUN DEN AKERWËLLKRAIDER

Duerch de Strukturwandel zanter den 1960er Jore sinn d'Akerwëll-kraider staark zeréckgaangen a sinn och ëmmer nach um zeréckgoen. Virun allem duerch d'Benotze vun Herbiziden, buedemverbessernd Moossname wéi d'Ausbrénge vun Dünger oder Kallek, awer och d'Verännerung vum Ubau, d'Vereenheetlechung vun den Akerflächen an d'Saatgutreinigung si Grënn fir hire Réckgang.
Sou kënnt et, datt haut vill Akerwëllkraider a Gefor sinn oder souguer vum Ausstierwe bedrot sinn. Vun deene ronn 200 typeschen Aarten, déi zu Lëtzebuerg virkommen, steet d'Hallschent op der Rouder Lëscht an 12 % si schonn ausgestuerwen.




D'Rued (Kornrade) ass leider zu Lëtzebuerg schonn ausgestuerwen.

## SEELEN AARTEN



Gewéinleche Feldritterspuer – Acker-Rittersporn



Aker-Kouweess – Acker-Wachtelweizen



Nuets-Compagnon – Acker-Lichtnelke



Venus-Fraespigel – Venus-Frauenspiegel




Ronnbliedereg Léiwemailchen – Eiblättriges Tännelkraut



Dräibliederegen Éierepräis – Dreiteiliger Ehrenpreis



Sand-Feierblumm – Sand-Mohn



Aker-Léiwemailchen – Acker-Löwenmäulchen



Klinzege Mausschwanz – Kleiner Mäuseschwanz

## FIRWAT SOLLTE MIR SE ERHALEN?

Niewent dem Grond, d'Akerwëllkraider wéint hirem eegene Wäert – also aus ethesche Grënn – ze schützen, fir d'Aartevillfalt ze erhalen an dem Ausstierwe vun hinnen entgéintzewierken, erfëllen se eng wichteg Roll fir aner Liewewiesen. Sou bidde se Narung fir Déieren, z. B. fir somfriessend Vullen a bléiebestëbsend Insekten. Och deenen hir Zuel a Verbreedung ass staark um zeréckgoen: De Réckgang vun de Bestëbser ass dramatesch. Virun allem op Akerwëllkraider spezialiséiert Insekten, wéi bestëmmte wëll Beien, leiden ënnert dem Narungsmangel. Doriwwer eraus erfëlle se weider nëtzlech Aufgabe wéi d'Reduktioun vu Buedemerosioun, d'Regulatioun vum Mikroklima, d'Erhéijung vun der Buedemqualitéit a se droen zur natierlecher Schädlingskontroll um Aker bäi.

## WÉI KANN EE SE ERHALEN?

Et ginn eng Rei Méiglechkeeten dem Réckgang vun de raren Akerwëllkraider entgéintzewierken. D'Bauere kënnen zum Beispill u prämiebaséierte Biodiversitéits-Programmer vum Lëtzebuerger Staat deelhuelen.
Schutzakeren erméiglechen et d'Virkomme vu seelenen Aarten ze erhalen an ze férderen. Hei kommen also nach rar Akerwëllkraider vir. D'Parzelle ginn extensiv bewirtschaft. Op den Asaz vu Pestizide gëtt verzicht an déi mechanesch Onkrautbekämpfung, de Stoppelëmbroch, den Ubau vun Tëschefriichten an d'Ënnersot fanne just ënnert bestëmmte Conditioune statt. Och e liicht méi groussen Ofstand tëschent de Reien hëlleft de klengen Aarte fir ze iwwerliewen, ouni d'Recolte ze vill ze beanträchtegen.



Schutzaker